PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Fall vum Antreffe vu Päck aus Net-EU-Staaten kritt den Empfänger ee Bréif fir "Frais de dédouanement" ze bezuelen. An der Fro n°5300 hunn ech schonn no Detailer zu der Bezuelmethod gefrot. De Minister huet mir erkläert, dass "dës TVA gëtt net vun der Lëtzebuerger Douane opgehuewen [gëtt], mee vun der Courrier express Firma respektiv der Post, déi de Pak bei de Keefer liwwert." An dësem Fall kënnen also Privatfirmen "Frais de traitement" grad eléi d'TVA fir d'Douane afuerderen.
An dësem Zesummenhang hätt ech e puer zousätzlech Froen un d'Madam Ministesch.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Op Grond vu wéi enger Base légal, kann eng Firma d'Frais de traitement fir d'Post respektiv d'Douane afuerderen?

2. Kënnt et fir, dass keng TVA muss nobezuelt ginn, de Client awer nodréiglech Frais de traitement verrechent kritt? Wa jo, firwat falen dës Fraisen un?

3. Muss de Client beim Dédouanement iwwert Liwwerfirma fueren, oder kann si TVA och direkt bei der Douane bezuelen?
   Wa jo, falen an dësem Fall och Frais de traitement un?
   Wa nee, firwat gëtt dem Client hei kommunizéiert, dass dës Fraisen, déi jo dann net un de Lëtzebuerger Staat gi mee eng privat Firma, net obligatoresch sinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député